

Méi regional agéieren a regléieren

Agrarpolitesch Stellungnahm vun de Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer

virgedroe vum Fränz Schlechter, Vizepresident

Léif Éieregäscht,

Léif Frënn an Sympathisante vun de *Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer*,

Fudder hu mir dëst Joer och erëm genuch, zwar net fir eist Véi, mee fir eis alljäärlech Stellungnahm!

Agrargesetz

Mir diskutéieren elo schonn 3 Joer iwwert de PDR an d'Agrargesetz. Mir hoffen, datt mir elo esou séier ewéi méiglech, dëst Gesetz kréien. Fir all d'Betrib wär et néideg, wann d'Landschaftspflege-Prime nach dëst Joer kéint bezuelt ginn. E schnellt Agrargesetz ass och wichteg, fir datt Planungssécherheet an der Landwirtschaft besteet. Eng ganz Parti Betrib hu Projete geplangt a waarden elo fir mat Bauen unzufänken, well se net sécher op finanziell Ënnerstëtzung aus dem Agrargesetz kënnen zielen. Desweidere si schonn eng Parti Projeten am Bau, wou d'Suen dréngend gebraucht ginn, fir d'Rentabilitéit ze assuréieren. Léif Responsabel vun dësem Gesetz, weist äis dass d'Planungssécherheet an der Landwirtschaft net nëmmen an de Sonndesriede benotzt gëtt, mee gitt äis déi Planungssécherheet esou séier ewéi méiglech!

Mir hate virun zwou Wochen eng Entrevue mam Minister a senge Beamten, a mir hoffen datt hien eise weidere Fuerderungen elo Rechnung dréit. Hei 3 vun deene Fuerderungen:

1. Op der Lëscht vun de Maschinnen, déi subventionéierfäheg sinn, sinn d'Häcksler an d'Mädrescher drop, an dat bei engem Plafong vun 100.000 € pro Betrib. Dat ass jo schonn zimlech komesch. Sait Joere gëtt um *Buchstellentag* gesot, d'Betrib géifen zevill Geld a Maschinnen investéieren, an da gi grad déi zwou deierste Maschinnen, déi een sech ka kafen, nach mat op déi Lëscht geholl.

Hei wär et méi sënnvoll, déi Maschinnen dropzesetzen, déi all duerchschnëttleche Betrib brauch, wéi z.B. Grénglandmaschinnen oder Hoftrakteren. Dee Moment géing eist Agrargesetz, d'Landwirtschaft och am Breden ënnerstëtzen, well mir si jo schliisslech e Gréngland- a Véistanduert; oder gehéiert zu der Visioun vun eisem Ministär, datt mir all e Mädrescher kafen an d'Gréngland elo opplouen? Wa jo, da setzt de Plou och op d'Lëscht w.e.g.!

2. Dat lescht Joer hu mir dann op dëser Plaz drop higewisen, datt eis Produktiounskäschten duerch Ëmweltoploen extrem an d'Luucht gedriwwen ginn. Dës Investissementer, wéi beispillsweis

d'Dichtegkeetsmesure bei Zetären oder d'Verkleedung vum Stall mat Holz, waren an deem viregten Agrargesetz als *Investissements non productifs* klasséiert a goufen zu 75 % subventionéiert. Am aktuelle Gesetz ass dëst net méi de Fall, mee déi Investissementer solle just nach mat deem normalen Taux vu 40 % subventionéiert ginn. Laut eisem Ministär kréien hei déi Bréisseler d'Schold, well no hirer Definitioun wären d'Investissementer, déi duerch Oploen ervirgeruff ginn, keng „Investissements non productifs“.

Klammer op, wat déi Bréisseler betrëfft: Interessant ass, dass d'Lëtzebuerger soen, déi Bréisseler si schold, a wann dann awer den Här Hogan op Lëtzebuerg kënnt - wat dëst Joer zweemol de Fall war - dann erkläert hien äis bei all Punkt: Dat do ass eng national Problematik. Fro: Wat ass et dann elo?

Zréck zu den Oploen: Dës Oploe bréngen awer ëmmer e Plus u Käschte mat sech, ouni dass se d'Produktioun steigere, wat dozou féiert, dass d'Rentabilitéit vun eise Projeten a Fro gestallt ass. Mir müssen entweder de Projet fale loossen oder eis Produktioun nach méi grouss plangen, fir dës Plus u Käschten ze decken. Dëst bréngt besonnesch fir déi méi kleng Projeten ee risegge finanziellen Opwand mat sech a fërdert eigentlech nëmme de Strukturwandel an der Landwirtschaft, dee mir op der anerer Säit awer méiglechst vermeide wëllen.

Mir fuerderen, dass esou séier ewéi méiglech eng national Léisung decidéiert gëtt; dëst am Sënn vun der Ëmweltpolitik a virun allem fir eis Familljebetriber net weider ze belaachten. Mir gesi verschidde Méiglechkeeten:

- Eng national Bähëllef vun 100 % vun de Méikäschten, déi iwwert dës Oploen ervirgeruff ginn; selbstverständlech mat engem absolute Plafong pro Betrib. Mir wëllen hei betounen, dass dës Oploen net aus dem Landwirtschaftsministär kommen an se dofir och net aus dem Budget vum Agrargesetz musse kommen. Hei wär et um Ëmweltministär, Sue bereet ze stellen, fir dass dës Mesurë gedroe ginn. Strikt nom Motto: Wien d'Musek bestellt, dee kann se och bezuelen!
 - Ass dëst net méiglech, fuerdere mir, dass dës Ëmweltoploen eréischt ab enger gewässer Gréisst vum Projet, progressiv a Kraaft trieden. Projeten, wéi z.B. Ställ bis 100 Kéi bräichte keng speziell Mesurë fir d'*Integration paysagère* ze huelen. Deier Leckerkennungssystemer géingen eréischt op Siten iwwert 200 GVE obligatoresch ginn, respektiv an de Waasserschutzgebidd. Mir wësse jo ganz genau, dass eis Zetären dicht sinn, och ouni dës iwwerflësseg Mesuren. Domat géif eis familiär Landwirtschaft ënnerstëtzt ginn!
 - Op alle Käschten, déi duerch Ëmweltoploen ervirgeruff ginn, fuerdere mir, bei der TVA den *Taux super réduit* vun 3 % ze applizéieren. Dëst natierlech och mat engem Plafong pro Betrib. Dass wär eng reng national Mesurë a kann direkt ëmgesat ginn!
3. Déi drëtt Fuerderung betrëfft d'Berechnung vum Investitiounsplafong, deen op Basis vun den theoretischen Aarbechtskräften um Betrib gerechent gëtt:

- De Moment vun der Bestëmmung vum Plafong soll net beim Projetsantrag stattfannen, mee fréistens 3 Joer nodeems de Projet realiséiert gouf. De jonke Bauer plangt jo e Projet mat engem wäitsiichtegen Zil. Zum Beispill soll säi Betrib an der Mëllechproduktioun ëm 25 % an deenen nächste Joere wuessen. Da soll de Plafong och eréischt no dësem Schratt bestëmmt ginn; an eventuell Bähëllefene nobezuelt ginn. Ass dat net de Fall, warne mir ausdrécklech virdrun, datt d'Ställ elo iwwebeluecht ginn an deiert Land bäigepacht gëtt - nëmme fir en héije Plafong virun der Investitioun ze errechen.
- Desweidere fuerdere mir an der Berechnung vun den Aarbechtskräfte méi differenziert virzegoen. Äis feelen an der Tabell an der Annexe 7 vum Gesetz besonnesch den Aarbechtsopwand an der Biogasproduktioun: d'Bedreiw vum 1KW elektrescher installierter Leeschtung ass awer eiser Erfahrung no gläichesetze mat dem Aarbechtsopwand fir e Rand. Doniewent gëtt an dëser Tabell keng Differenzéierung gemaach vun der biologescher Landwirtschaft: Hei wësse mir jo awer, datt den Aarbechtsopwand méi grouss ass, well net op verschidde Betriebsmëttel zrëckgegraff ka ginn.

TTIP

Niewent dem Agrargesetz hu mir äis awer och mam Thema vum Owend beschäftigt a virun allem mam Fräihandelsvertrage tëscht den USA an Europa, dem TTIP. Mat dësem Fräihandelsvertrage gëtt eis Landwirtschaft an e grouss Dëppe geworf, wou den eenzelne Bauer an Zukunft nach eng méi kleng Roll bei der Matgestaltung spillt.

Am TTIP geet et engersäits ëm d'Ugläichen u Standarden. Dëst ass fir den technesche Beräich gutt, wéi zum Beispill d'Winkerfaarf bei den Autoen. Duerch d'Upasse vum esou Norme kënnen d'Firmaen e puer Su spueren. Wat um techneschen Niveau ganz sënnvoll schéngt, ass awer net esou einfach op de sozialen an ökonomeschen Niveau ze iwwerdroen. Mir wëllen hei op 2 Problematike vum TTIP agoen.

1. Am Fall, wou den TTIP antrëtt, wäerten eis Standarden net iwwer Nuecht erofgesat ginn. Dëst Upasse vum den Norme wäert vill méi subtil passéieren. Heizou e Beispill: Däitschland wollt d'Regelung vun der Markéierung vun der Produktiounsplaz vun de Liewensmëttel verschäerfen. D'Regierung huet dëse Virschlag bei der EU-Kommissioun eragereecht. Allerdéngs gouf dësen direkt ofgelehnt - mam Argument et hätt een d'Angscht, dës Verschäerfung vun de Regele géif d'Verhandlung mat den USA iwwert den TTIP negativ beaflossen. Wann also d'Fräihandelsvertrage bis besteet, muss all Ännerung vun de Standarden mat den USA ofgeschwat ginn. Seet ee vun de Partner „Nee“, kann de Standard net geännert ginn.

E weidert Beispill: D'Lëtzebuerger Landwirtschaft fuerdert schonn zënter Joren, dass an den öffentleche Kantine maximal op Lëtzebuerger Liewensmëttel zrëckgegraff gëtt. Wann den TTIP bis do ass, da mussen och esou Initiativen ofgekläert ginn. Mat grousser Wahrscheinlechkeet dierf een dann esou Regeln net aféieren.

2. En zweete Problem sinn d'Schiedsgeriichter. E Schiedsgeriicht ass e privat Geriicht, dat sech aus Experten aus der Industrie zesummesetzt. Dës Schiedsgeriichter uerteelen net am Sënn vun der Allgemengheet, wéi dat en öffentlecht Geriicht mécht, mee beuerteelen ob een Akteur aus der Industrie duerch verschiddenst Regierungsmoossnahme manner Benefice mécht, an esou en

Urecht op Entschiedegungen huet. Doduerch gëtt d'Muecht vun de multinationale Firmaen enorm gestärkt!

Eis EU-Agrar- an Ëmweltpolitik, déi iwwert Joerzéngten opgebaut ginn ass, wäert sech net kënnen onofhängeg vun der Industrie weiderentwéckelen. Zukünfteg Sozial- an Ëmweltziler kënnen nëmme schwieereg ëmgesat ginn, wann d'Industrie Geld verléiert.

Haut bestëmmt d'Industrie schonn e groussen Deel vun der Entwécklung an der Landwirtschaft. Dëst däerf net ëmmer méi staark ginn. Wa mir gären onofhängeg Fräiberuffler an der Landwirtschaft bleiwen, da musse mir äis an der Politik, d'Méiglechkeete ginn, fir äis dee Spillraum ze ginn, fir eng nohalteg Landwirtschaft an Europa opzebauen; an äis net duerch Schiedsgeriichter ausbremse loosse!

E Beispill wëlle mir hei ginn: Wa mir gären eng Reduktioun vum Sprëtzmittelasaz hätten, da muss de Gesetzgeber zesumme mam Secteur kënnen Moossnahmen opstellen, fir dat Zil ze erreechen. Wann den TTIP kënnt, wäerten all déi grouss Firmae géint esou eng Regelung op de Schiedsgeriichter virgoen, an de Steierzueler muss dann nach deier bezuelen, fir datt Europa sech op dësem Plang weiderentwéckelt.

Duerch d'Affäre vu private Schiedsgeriichter verléieren eis gewielte Volleksvertrieder - déi am Sënn vun der Allgemengheet sollen agéieren - esou ee groussen Deel vun hirer Muecht. Den TTIP bréngt e Verloscht un Demokratie. An dat Schlëmmst ass, eis gewielte Volleksvertrieder schéngen dat nach net gemierkt ze hunn. Oder firwat wiert nach keen sech dogéint? Léif Députéiert, Léif Regierungsmemberen, léif landwirtschaftlech Gewerkschaftler, erwächt aus Ärem Dornröscheschlof an huet de rosae Brëll vun der Nues! Den TTIP entzéit lech an äis alleguerten d'Muecht.

Mir fuerderen dofir, d'Landwirtschaft an d'Schiedsgeriichter komplett aus dem TTIP erauszehuelen!

Spekulationen op der Bourse

An der ganzer Diskussioun ronderëm d'Globaliséierung an och déi aktuell Maarkris wëlle mir awer hei nach eng weider Iwwerleeung féieren. Fir datt mir Baueren net méi reng Rohstoffproduzente sinn an erëm zum richtege Liewensmittelproduzent ginn, dierfen eis Produkter och net wéi Rohstoffe gehandelt ginn. En éischte Schratt an d'Richtung vu faire Liewensmittelpräisser wär et, d'Spekulation mat den Agrargidder op der Bourse ze verbidden! Et kann dach net sinn, datt mir, fir manner ewéi de Referenzloun schaffen, a Spekulanten an Investoren, jo esou guer vill privat Leit, mat de produzierte Liewensmittel handeln, ewéi mat all gewéinlechem Finanzprodukt. En Ausschlësse vun den Agrarrohstoffen aus de Produiten, déi d'Banke verkafen, géif hëllefen, eisen Ernährungssystem nohalteg opzebauen: Mir Baueren hätte mat méi konstante Präisser ze dinn an déi Leit, déi wéineg verdénge géifen net méi ënnert extreme Präishausse vun de Liewensmittel leiden. Nëmme d'Investoren hätte vläicht e bësse manner Geld, fir owes ze zielen ... Déi Mesure misst dach politesch ëmzesetze sinn!

Landproblem a Kompensatioun

Léif Leit,

Och dëst Joer wëlle mir nach eemol de Problem vun der landwirtschaftlecher Fläch uschwätzen. Lëtzebuerg ass flächeméisseg jo ee vun deene klengste Länner hei an Europa. Mir müssen an Zukunft ganz virsiichteg mat der wäertvoller an mëttlerweil deierer Ressource „Fläch“ ëmgoen. Besonnesch fir

d'Landwirtschaft ass d'Fläch, déi de Betriber zur Verfügung steet, extrem wäertvoll an néideg fir ze iwwerliewen. Leider gëtt et der ëmmer manner well d'Konkurrenz vun de Bulldozer a Bëtongsmaschinen ëmmer méi grouss gëtt. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg all Joer e Bevëlkerungswuesstem vun iwwert 2% - esou wiisst kee Land an Europa. Dëse Wuesstem féiert zu engem risege Flächeverbrauch. All Dag gëtt iwwer een Ha versigelt. Dat mécht ëm 4 landwirtschaftlech Betriber pro Joer aus.

Mir stellen äis d'Fro, wou dat an Zukunft soll hiféieren: Den Drock ass méttlerweil esou héich, datt mir Problemer hunn, fir laangfristeg Land fir eis Betriber ze sécheren. Fir d'Zukunft vun dem Betrib opzebauen ass et awer fir e Jongbauer wichteg, op sécher Flächen zeréckzegräifen. Dëst geet iwwert de Kaf oder eng laangfristeg Pacht.

Méttlerweil ass et fir äis Baueren net méi méiglech nach Flächen ze kafen. Op deene leschte Steeë geet de gréissten Deel vun de Flächen u Promoteuren, déi Präisser bezuelen, wou kee Bauer mathale kann. Si müssen dat jo net mat der landwirtschaftlecher Produktioun bezuelen. Zousätzlech zum héije Kafpräis ginn dës Flächen da fir d'Landwirtschaft verluer well se fir grouss Bauprojekte gebraucht oder fir Kompensatiounsfläche genotzt ginn. An eisen An dierf dat net sinn: D'Landwirtschaft leescht scho vill Naturschutz op hire Flächen. Dëst muss unerkannt ginn an et dierfe keng weider Flächen iwwert Kompensatioune verluer goen.

Och de Staat an d'Gemenge kafe Land op ville Plazen. D'Propriétaire verkafe selbstverständlech gären un de Staat, well si da steierfräi bleiwen. Domat ass d'Landwirtschaft benodeelegt. Mir fuerderen hei, datt d'Proprietären och steierfräi bleiwen, wann se un den aktive Bauer verkafen.

Vu que, datt et schwéier ass, Land ze kafen, brauche mir awer eng Sécherheet an der Pacht. Mir fuerderen déi legal Längt vun de Pachtkontrakter ze verlängeren. Zum Beispill eng éischt Phase op 10 Joer an dann duerno allkéiers op 5 Joer. Domat kéinte mir méi laangfristeg an eise Betriber plangen.

IBR-Programm

Eng gutt Noriicht - vun Iech Här Minister - ass datt den IBR-Programm elo soll un d'Lafe kommen. Mir hoffen, datt deen esou séier ewéi nëmme méiglech uleeft. Dëst ass e Programm, deen eigentlech schonn auslafe misst, esou wéi dat am Ausland de Fall ass, mee hei am Land ass dat déi lescht Jore wuertwärtlech verpennt ginn!

Wann dëse Programm uleeft, hu mir just eng Fuerderung an dat ass déi, datt de Serum - deen héij Käschte fir de Betrib bedeit - voll a ganz vum Staat iwwerholl gëtt, esou datt net e weidere finanziellen Opwand op d'Betriber zoukënnt an dat an Zäiten, wou et am Secteur net esou richtig leeft, fir et emol fein auszedrécken!

Genehmegungen

„*Alle Jahre wieder*“ kann e scho bal soen, ma mir wäerten äis net ginn, bis datt et endlech mol éierbar leeft: Et kann net sinn, datt eng Genehmigung vun engem Waasserwirtschaftsamt nach ëmmer eng Geschicht vu Joeren ass. Am Environnement do packen se et an dräi Méint, da misst et an deem anere Service jo och méiglech sinn. Hei war vun der neier Regierung grouse Wand gemaach ginn - mat hinne soll alles méi séier goen. Et ass keng Verbesserung ze gesinn. Am Waasserwirtschaftsamt sollen

d'Beamten dofir elo emol Dossieren opschaffen amplaz sech mat ëmmer neien Oploe fir d'Betribber ze beschäftegen!

Virun allem am neien Agrargesetz gëtt dëst elo problematesch: All Genehmegunge musse virleien éiert den Antrag op Subside gestallt ka ginn. Selbstverständlech muss déi vum Waasserwirtschaftsamt och derbäi sinn. Déi ganz Prozedur gëtt extrem laangwiereg. Dëst kann zum Problem gi fir Jongbaueren, déi an der Installéierungsperiod vu 5 Joer sinn. De jonke Bauer riskéiert net laang vun de gudde Konditiounen ze profitéieren, well e jorelaang op Genehmegungen an Accorden vu Bähëllef waart.

De *Guichet unique*, dee vun der Regierung versprach gouf, sollt hei eng Léisung sinn. Et muss awer richteg gemaach ginn. De gesamten Antrag fir d'Genehmegung an de Subsid gëtt hei eragereecht; an da sollt eng Genehmegung an den Accord vun der Bähëllef bannent dräi Méint zréck sinn.

Op alle Fall wënsche mir äis, datt an deem Punkt do, emol e richtegen Dialog stattfënnt, deen zu engem Resultat féiert.

Zum Schluss resuméieren ech: Am Agrargesetz wëlle mir, datt an e puer Punkten nogebessert gëtt, fir datt d'Landwirtschaft weiderhi gutt ënnerstëtzt gëtt. Fir de Rescht froe mir keng Suen, mee Regeln, sief et mam TTIP oder awer mat de Genehmegungen an der landwirtschaftlecher Fläch, déi äis et erlaben, eis Betribber laangfristeg ze entwéckelen.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeit!